N°2297
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'lescht Woch koum fir vill Leit eng erfreelech Noriicht: ab dem 1te Mee fält eng nei Indextranche an domadder ginn d'Gehälter, d'Pensiounen an aner Akommes fir jiddereen hei am Land ëm 2,5 Prozent an d'Luucht.

Déi 2,5% kommen allerdings net um Bankkonto vun de Leit un, well mat all Indextranche kritt een zwar 2,5% um Bruttoloun bäi, mee netto bleiwe keng 2,5% iwwreg, well ee mat méi Bruttoloun och méi Steieren muss bezuelen (= kal Progressioun).

Eng Piraten-Motioun vum 11ten Dezember 2024 hat proposéiert, dass de Steierbarème bei all Indextranche sollt ugepasst ginn, soudass déi 2,5 Prozent och um Bankkonto vun de Leit ukommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung mat der Indextranche vum Mee 2025 de Steierbarème upassen?
   Falls jo, wéini? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten